

## Evangelium vum 28. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 22,1-14

- 1 De Jesus huet den Hohepriiister  
an deenen Eelste vum Vollek dat heite Gläichnes erzielt:
- 2 "D'Himmelräich ass ze vergläiche mat engem Kinnek,  
deen alles fir sengem Jong seng Hochzäitsfeier an d'Rei gemaach huet.
- 3 Hien huet seng Kniecht erausgeschéckt,  
fir d'Gäuscht op d'Hochzäit ze ruffen,  
ma d'Gäuscht wollten net kommen.
- 4 Nach eng Kéier huet hie Kniecht dohi geschéckt  
an hinne gesot: 'Sot de Leit, déi geruff sinn:  
Kuckt, ech hunn d'lesse virbereet,  
meng Ochsen a meng Maschtdéiere si geschluecht,  
an alles ass prett;  
kommt op d'Hochzäit!'
- 5 Verschiddener hunn net dorop reagiert a sinn hirer Wee gang,  
sief et op hiert Feld,  
sief et an hire Buttek;
- 6 anerer hunn seng Kniecht geholl,  
si gepéngegt  
an si doutgemaach.
- 7 Dueropshin ass de Kinnek rose ginn,  
hien huet seng Arméie geschéckt,  
huet déi Mäerder ëmbruecht  
an hir Stad a Brand gestach.
- 8 Du sot hien zu senge Kniecht:  
'Et ass zwar alles prett fir d'Hochzäit,  
ma déi Leit, déi geruff waren, waren es net wäert.
- 9 Gitt duerfir eraus op d'Landstroossen  
a rufft jiddereen, deen dir fannt, op d'Hochzäit!'

- <sup>10</sup> D'Kniecht sinn eraus op d'Landstroosse gaang,  
an si hunn all déi zesummebruecht, déi si fonnt hunn,  
Béiser a Gudder,  
an d'Plazen um Hochzäitsdëschesch sinn all besat ginn.
- <sup>11</sup> Wéi de Kinnek eragaang ass, fir sech d'Leit um Dëschesch unzekucken,  
huet hien do e Mann gesinn,  
deen net fir op eng Hochzäit gekleet war,
- <sup>12</sup> an hie sot zu him:  
'Frënd,  
wéi bass du hei erakomm, ouni fir op eng Hochzäit gekleet ze sinn?'  
De Mann awer huet de Mond net opgedoen.
- <sup>13</sup> Dunn huet de Kinnek zu den Dénger gesot:  
'Bannt him Hänn a Féiss  
a geheit hien eraus, an d'Däischtert!  
Do gëtt gejeimert a mat den Zänn gegrätscht.'
- <sup>14</sup> Well vill sinn der geruff,  
ma wéineg sinn der auserwilt."